LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 15 juin 2020

REÇU
Par Alff Christian , 07:56, 16/06/2020

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°2206 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°2206 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Carole Dieschbourg

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung, der Gesondheetsministesch an dem Energieminister op d'parlamentaresch Fro n°2206 vun dem éirewäerten Deputéierten Här Fernand Kartheiser iwwert de "Stockage géologique de déchets nucléaires"**

***1. Déi belsch Ministesch fir Emwelt, d'Madamm Marie Christine Marghem, huet d'Aussoe vun der Madamm Dieschbourg als "graven, diplomateschen Incident" duergestallt. Dëst ënner anerem dowéinst, well d'Madamm Dieschbourg verschidde Behaaptungen an der Ëffentlechkeet gemaach huet, ouni am Viraus mat de kompetente, federalen Autoritéiten an der Belsch Kontakt ze hunn. Wéi stellt sech déi lëtzebuergesch Regierung zu deenen Aussoe vun engem belsche Regierungsmember?***

De Regierungsrot war am Viraus iwwert des Démarche informéiert an insistéiert op eng besser Abannung vu Lëtzebuerg an den Entscheedungsprozess. D'Regierung gesait nët a wéiwait d'Diffusioun vun den Informatiounen, déi vun der belscher Agence fir d'Gestioun vu radioaktivem Offall (ONDRAF) koumen, een diplomateschen Incident kéint duerstellen. Et ass d'Aufgab vun der Ëmweltministesch dëst public ze man.

***2. Lëtzebuerg deckt, no Aussoe vun der Regierung, eppes méi wéi 10% vu sengem aktuelle Stroumverbrauch mat Stroum aus Nuklearkraaftwierker of. Wéi vill kënnt dovun aus belschen Atomkraaftwierker?***

Den Undeel vun Atomstroum am sougenannte "mix national", deen all Joer vum Institut Luxembourgeois de Régulation (ILR) ausgerechent gëtt, opgrond vun der Zesummestellung vun all de Fournisseuren hire Stroumproduiten déi si u lëtzebuerger Endclientë liwweren, louch 2018 bei 10,4%, a gëtt vum nët-résidentielle Secteur genotzt. Wëll an dësem Secteur den europäesche Bannemarché spillt, kann d'Regierung engem Betrieb nët virschreiwen, wéiee Stroum genotzt dierf ginn. All d'Ménagen kréien awer 100% grénge Stroum.

Fournisseure kafen hire Stroum zu engem groussen Deel op internationale Stroumboursen an net bilateral direkt bei de Produzenten. Op den internationale Bourse ginn d'Offeren an d'Demanden anonym placéiert, d.h. de Keefer kennt just d'Quantitéit an de Präis vum Stroum, awer keng Informatioun wou de Stroum hierkënnt. Deemno ass et net méiglech ze soen, wei een Deel vum Stroum aus Atomkraaftwierker aus der Belsch kënnt.

***3. Well jo Lëtzebuerg selwer Atomstroum importéiert a verbraucht, also indirekt och Atomoffall produzéiert, huet et dann net och eng, op d'mannst moralesch, Matverantwortung fir de nuklearen Offall a seng laangfristeg Stockéierung?***

Et ass drun ze erënneren, dat d'Haushalter zu Lëtzebuerg schon zu 100% erneierbare Stroum kréien. Fir Betriber gëllt, dat den europäeschen Energiemarché oppen ass an dat et hinnen fraisteet, hire Produit ze wielen. D'Regierung huet dorop keen Afloss a kann dowéinst weder legal nach moralesch responsabel gemaach gi fir d'Gestioun vum nuklearen Offall, deen bei der Stroumproduktioun am Ausland entsteet. Dat ass nom Prinzip "Pollueur-Payeur" d'Responsabilitéit vum Produzent.

***4. Lëtzebuerg ass un d'Direktiv 20/70/Euratom gebonnen, déi bestëmmt, datt kee Staat sech däerf der Verantwortung fir seng eegen nuklear Offall entzéien. Wann d'Belsch de bilateralen Accord iwwer d'Stockéiere vun deene lëtzebuergeschen, nuklearen Offall sollt kënnegen, wéi eng Alternativen hatt eist Land dann?***

De lëtzebuerger radioaktiven Offall besteet haaptsächlech aus ganz klenge Quantitéiten aus verschiddenste Beräicher (Blitzableiter, Feiermelder, Reschtprodukter aus Medizin a Recherche) a

gëtt zum groussen Deel vun de Fournisseuren zréckgeholl. Effektiv schreift d'Direktiv 2011/70/Euratom fir, dat all Memberstaat responsabel ass fir d'Gestioun vum radioaktiven Offall an dem ofgebrannten nukleare Brennstoff deen op sengem Territoire generéiert gëtt. Weiderhin muss all Memberstaat een nationale Programm ëmsetzen deen all d'Etappen vun dem Entstoen vum Offall bis zur Entsuergung ofdeckt. D'Direktiv erlaabt awer och d'Entsuergung vum radioaktiven Offall an engem anere Memberstaat wann dëst an engem bilateralen Accord geregelt ass.

Opgrond vun dësen Obligatiounen huet d'lëtzebuerger Regierung Verhandlungen fir ee bilateralen Accord mat der Belsch opgeholl. Dësen Accord ass 2016 ënnerschriwwen an am Mee 2018 zu Lëtzebuerg ratifizéiert ginn. An der Belsch ass den Accord am Mäerz 2019 ratifizéiert ginn. Zënterhier schafft d'Divisioun vun der Radioprotektioun aus der Direktioun vun der Santé mat der belscher ONDRAF un den Detailer, déi bei der Ëmsetzung vun dem Accord definéiert musse ginn. Dëse leeft iwwert eng Dauer vun 30 Joër a gesait keng eesaiteg Opkënnegung vir mee den Artikel 9 enthält eng "Clause de réglement des différends" vir.

Eng Alternative zum Accord mat der Belsch ass zur Zaït net ugeduecht.

***5. Well Lëtzebuerg selwer souwuel direkt wéi och indirekt nuklearen Offall produzéiert an den direkt produzéierten an d'Belsch exportéiert an de bilateralen Accord vum 4. Juli 2016 keng geographesch Dispositioune virgesait, ausser datt den Offall muss definitiv op belschem Territoire gelagert ginn a belschem Recht ënnerläit, wéi justifiéiert sech eng Argumentatioun, wéi déi vun der Madamm Dieschbourg, déi u sech en eventuelle Risiko vun der Endlagerung vun eise Grenze wëll wech halen an en domat eleng op eis belsch Nopere wëll ofwälzen?***

Den Ëmweltministère ass vun der ONDRAF iwwer Email, zesumme mat deenen aneren EU-Staaten iwwert de Lancement vun der Prozedur an der Belsch informéiert ginn. An der selwechter Email ass och matgedeelt ginn, dat keng grenziwwerschreidend Effekter am Kader vun der SUP (Strategische Umweltprüfung) analyséiert ginn.

Dëst ass och d'Haaptkritik zu dësem Moment vun der Prozedur. Eiser Analyse no kënne grenziwwerschreidend Impakter net ausgeschloss ginn an hätte missten analyséiert ginn. Och hätt Lëtzebuerg an d'lëtzebuerger Bierger missten "en bonne et due forme" consultéiert ginn a net nëmmen informéiert. Sou gesäit et souwuel de Protokoll vu Kiew zur Espoo-Konventioun, wéi och d´SUP-Direktiv (Directive 2001/42/CE) vir.